
# SAFARI AM WËLLE WESTEN

## 1

## Beckerich



# SAFARI AM WËLLE WESTEN



## Wegbeschreiwung Safari Biekerech



❶ Iwwer d'Zebrasträifen an da no lénks laanscht de Milleweier



❷ Bei der Dréckskëscht, riicht erop laanscht d'Clôture an d'Maschinn.



❸ Wanns du op de sandege Gringewee stéiss, da géi no lénks um Gringewee.



❹ Ierts du op d'Jos Seylerstrooss stéiss, géi no riets erop op de neie Plakke-Wee an direkt...



❺ no 20 Meter um sandege Wee, béi no lénks.



❻ Ëmmer dem Wee no.

# SAFARI AM WËLLE WESTEN





7 Um Enn vum Wee no riets béien.



8 An der Entrée vum Bësch, dem Schëld „Bëschhäischen“ nogoen (breede Bëschwee no der Paart)



9 No 750m, wanns du ee Poteau mat lauter Nummer „2“ gesäis, géi lénks de géie Bëschwee erop.



10 Ëmmer um Haaptwee bléiwen (Richtung Bëschhäischen).



11 Bei der Gabelung, am beschten no lénks an dann däerfs du op der Hängematt beim Bëschhäischen dech e bëssen erhuelen!



12 Wanns Du vun der Bëschhäischen-Plaz erausgees, béi no lénks op de Bëschwee.

# SAFARI AM WËLLE WESTEN





13 No 130m, kënnt eng Barrière, no däer hälls du dech liicht no riets a gees um bëssi verwuessene Bëschpad an de Bësch eran **(net um breede Bëschwee bleiwen!).**



14 Wanns du de Bierg erofkënns, gesäis du dës Raschtplaz. Huel de klenge Bëschpad, deen riets bei der Dreckskëscht erof an de Bësch geet.



15 Bleif um Bëschpad.



16 Ënnen op der Kräizung ukomm, geet et um Bëschwee riichtaus wieder.



17 No 270m, um Haaptwee (no riets) bleiwen.



18 Um Enn vum Bëschwee, lénks de Bëschpad erop.

# SAFARI AM WËLLE WESTEN



19 Um Enn vum Bëschpad no lénks halen (kuerz drop ass eng Bänk op der lénker Säit).



20 De Bëschpad stéisst op ee gréissere Bëschwee (kleng Picknick-Plaz), mir hale eis riets a gi riicht op d'Kapell zou (géi era luussen).



21 Bei der Kapell net vergiessen de leschten Hiweis ze sichen an da riicht aus weider um Bëschpad.



22 E puer Meter hannert der Kapell, geet et riets op engem Bëschpad erof.



23 Um Bëschpad bleiwen, dee liicht no lénks dréint.



24 Wa mir op d'Bëschelchen-Strooss stoussen, hale mir eis lénks a gi bis bei d'Stroumhäischen.

# SAFARI AM WËLLE WESTEN





25 Virum Stroumhäischen, schaarf no riets ofbéien an um Trottoir op der rietser Säit weidergoen.





26 No 120m riets op de Gringewee ofbéien.



27 No 210m um Gringewee, no lénks ofbéien an um Holzsteg bis bei d'Quelle goen (Plattform mat Glas), déi aus dem Buedem erausdréckt.



28 Beim Start vum Beiepad no riets laanscht de Weier tréppelen bis bei de Parking.